

gaangen. Nodeem et awer feststung, dass déi franséisch Säit zesumme mat de Régiounen de Finanzement net konnte boucléieren a jiddferengem seng Part an d'Luucht gaangen ass, ass och eis Part an d'Luucht gaangen op 770 Milliounen franséisch Frang, 117 Milliounen Euro, an dat fir déi ganz Streck, wëssend awer, dass eise Bäitrag ausbezuelt gëtt um éischten Deel vun der Streck.

Dat kléngt elo ganz komplizéiert, mä einfach duergestallt: Mir hunn en Accord mat der franséischer Regierung fir eise Bäitrag iwwert d'ganz Streck, bezuelen en awer op der Realisatioun vum éischten Deel vun der Streck tëschent Paräis a Metz, fir op dem Här Greisen seng Fro ze äntweren. Ech hoffe fest, dass d'Streck Stroossbuerg-Metz gebaut gëtt, dass se esou séier wéi méiglech gebaut gëtt, an déi franséisch Säit huet jo och schonn eng ganz Rei vun Initiative geholl.

Esou ass zum Beispill duerch Dekret vum franséische Conseil d'Etat, de 14. Mee 1996, d'Streck tëschent Vaires-sur-Marne a Wendenheim am Bas-Rhin d'utilité publique erkläert ginn, an an der Réunion ministérielle vum 29. Januar 1999 ass d'Consistance vun der éischer Phas definéiert ginn. Weini elo d'Aarbechten op där Streck uginn, kann ech der Chamber net soen. Dat échappéiert och mengem Kompetenzberäich. D'franséisch Autoritéiten hunn eis versprach oder hunn an Aussicht gestallt, dass esou séier wéi deem éischten Deel vun der Streck realiséiert wier, dat heescht op der Halschent vun 2007, dass dann deem zweeten Deel géif an Ugrëff geholl ginn. Mä fir den zweeten Deel - wéi gesot - vu Metz bis op Stroossbuerg, fir et emol esou auszedrécken, ass keng Contributioun vun der Lëtzebuurger Säit an Aussicht gestallt, et ass och keng gefrot.

Deen Accord, dee mir hunn, geet iwwert d'ganz Streck. Deen Accord seet jo ënner anerem, dass mer Temps de parcours kréie vun 2007 un tëschent der Gare Lëtzebuerg a Paräis vun zwou Stonnen a 15 Minutten, wou dee beschtméiglechen Temps de parcours am Moment drai Stonnen a 25 Minutte bedréit. An op där anerer Säit, dass mer, wann déi Streck bis ausgebaut ass tëschent Metz a Stroossbuerg, dann och do en Temps de parcours vun enger Stonn a 25 Minutten hätten, géint zwou Stonnen an zéng Minutten, mengen ech, elo op deem beschte Parcours, dee virgesinn ass.

Den Här Greisen, Här President, huet dann natierlech e Problem ugeschwat, deem delikat ass, fir net méi ze soen. Dat ass dee vum Plan de financement. Ech sinn net midd ginn hei an der Chamber ze ënnersträichen, dass bei enger Rei vun deene Projeten, mat deenen ech d'Chamber befaasst hunn, de Finanzement net assuréiert ass. Ech wëll ënnersträichen, dass fir dese Projet de Financement assuréiert ass. Am Fonds d'investissement pluriannuel fir déi international Zuchubannunge sinn am Moment, mengen ech, 115 Milliounen Euro elo schonn dran, a wa mer wëssen, dass mer bis 2007 Zäit hunn, da wäerte mer dat duerch déi normal Dotatioun bewerkstellige kënnen.

Wat aner Infrastrukturen ugeet, do ass et ganz sécher esou, dass mer net wäerten derlaanscht kommen, deem een oder deem aneren Emprunt opzehuelen. Ech gesi wirklech net wéi dat soss méiglech wier, well déi Investissementer sinn esou konsequent. Mir si jo elo amgaangen op der Polvermillen un der Bréck ze schaffen; déi Bréck steet iwwer honnert Joer. Wann een elo also eng nei Bréck op der Polvermille baut an der Eisebunninfrastruktur, dann ass dat eng Infrastruktur déi net fir e Joer gebaut gëtt, mä déi gëtt awer fir e puer Jorzéngte gebaut, an ech mengen, dass do de Recours op Emprunte

justifiéiert wier. Do gëtt jo dann d'Chamber och agebonnen, fir dat ze maachen.

Ech muss lech awer och soen, Här President, an ech wëll lech dat net verheemelechen, ech hunn der Chamber et schonn e puer Mol gesot, dass ech mer ganz vill Gedanken maachen iwwert d'Situatioun, d'Exploitatioun op der Eisebunn selwer. Et huet een d'Méiglechkeet de Kapp an de Sand ze stiechen, et huet een d'Méiglechkeet fir sech keng Gedanken ze maachen an ze soen: Alles geet weider, wéi et bis elo gaangen ass. Da muss een awer wëssen, dass een, wann een dee finanz-techneschen Term vun EBIT wëllt gebrauchen, dass een awer en negativen EBIT huet pro Joer, an do sinn da schonn all déi Surcouiten, déi iwwert d'Gesetz vun 1997 ofgedeckt ginn, mat gerechent, vun ongeféier 40 Milliounen Euro, an dass een en negative Cash-flow op der Lëtzebuurger Eisebunn vun 30 Milliounen pro Joer huet. Dat kann ee sech net Jorzéngte laang leeschten.

All déi Saachen, all déi Exploitationsdefiziter ginn natierlech op Käschte vun den Investissementer an et muss ee wëssen, dass den Assainissement financier vun der Eisebunn e Käschtepunkt huet. Menge Schätzungen no läit dee Käschtepunkt iwwert déi nächst zéng Joer wäit iwwer enger Milliard Euro. Dat muss ee wëssen. D'Chamber muss wëssen iwwer wat geschwat gëtt. A wann een deem Assainissement wëllt maachen, da muss ech lech soen, wann ech elo e Chiffer annoncéiert hunn, dee wäit iwwer enger Milliard Euro läit, da muss een awer wëssen, dass do enorm Efforte vun de Mataarbechter vun der Eisebunn verlaangt ginn. Do geet et net nëmme mat Schweess duer. Do fléisst méi, wann een dat wëllt maachen. Et kann een awer och de Kapp an de Sand strecken, an Här President, ech hunn d'Impressioun, dass eng ganz Rei Leit sech léiwer nach wëllen iwwer e puer Joer retten an näischt maachen, quitte dass dann duerno näischt méi méiglech ass.

Well därerf ech d'Chamber drun erënneren, dass et jo esou ass, dass et eng Separatioun tëschent der Infrastruktur an der Exploitatioun gëtt. D'Lëtzebuurger Land kann à terme ouni CFL liewen, mä net ouni Eisebunn, fir mech kloer auszedrécken.

Wa mir eng Infrastruktur hätten, déi „state of the art“ wier, an do sinn Investissementer noutwendeg, déi wäit iwwer zwou Milliarden Euro leien, da kann een no deene Regeln, wéi se nun eemol opgestallt sinn an Europa - ech hu géint den zweete Paquet ferroviaire gestëmmt; ech sinn deem éischte Lëtzebuurger Transportminister deem zu Bréissel géint d'Liberaliséierung gestëmmt huet an ech weess firwat ech dogéint gestëmmt hunn -, wann een also eng Infrastruktur hätt, déi „state of the art“ wier, oder déi Infrastruktur déi mir elo hunn, déi „state of the art“ ass - wat d'Sécherheet ugeet, ass se ganz sécher excellent, an et gëtt kee Réseau an den Nopeschlänner deem esou sécher ass wéi de Lëtzebuurger Réseau, dat woen ech ze behaapten, mä do kënnen dann aner Leit driwwer fueren.

Wa muer Arcelor décidéiert - well déi Chifferen déi ech lech éinschtes genannt hunn, dat si Chifferen, déi vun optimisteschen Hypothesen ausginn, déi dovun ausginn, dass déi Cliente bleiwen -, fir net méi mat der Lëtzebuurger Eisebunn ze fueren, mä zum Beispill d'franséisch oder d'belsch Eisebunn ze chargéieren déi Trafiken duerchzeféieren, dann ass de Fret zu Lëtzebuerg fort. Da brauch d'Lëtzebuurger Eisebunn kee Fret méi ze féieren. Do kënnen mir hei Hochstänn drécken, een nom aneren - a fir mech ass dat jo net einfach -, mä dat bréngt näischt.

(*Interruption*)

Ech mengen, ech loossen et léiwer sinn, et wär e bëssen zevill drolech. Et ass scho schlëmm wann ech Golf spillen, Här President. Et komme schonn drolech Fotoen dobäi eraus, déi net mam Tiger Woods ze verwiessle sinn.

Mä, Här President, Spaass bei Säit, wann zum Beispill d'Lëtzebuurger Eisebunn nëmmen ee Client wéi Arcelor verléiert, dann ass de Fret a Gefor. Dat muss ee wëssen. Déi maachen 80% vum Chiffre d'affaires aus. An dat sinn déi Situatiounen, mat deene sech e Gestionnaire awer emol muss auserneeetzen. An dat ass jo den Zweck vun der Operatioun gewiescht, wou ech d'Lëtzebuurger Eisebunn gefrot hunn, fir sech mat deene Geforen oder mat deene Szenarioen auserneezenesetzen, fir ze kucke wat kënnt dobäi eraus kommen. Ech wollt dat bei dësem Projet gesot hunn, well wa Mët 2007 a scho vläicht éischer, d'TGV-Zich an der Gare Lëtzebuerg ukommen an do erëm fortfueren, dann ass dat fir deem eenzelne Bierger formidabel. Wat d'Lëtzebuurger Eisebunnsgesellschaft CFL dovunner huet steet op engem ganz anere Blat.

Ech kréie gesot vum honorablen Här Zanussi, Här President, mir missten och nach eppes an der Gare Lëtzebuerg maachen. Meng Virgänger hu scho ganz vill Efforte gemaach fir dass d'Gare Lëtzebuerg soll uerdentlech ausgesinn. Si ass moderniséiert ginn, si ass amelioréiert ginn, et si Konschtwierker drakomm, fir et esou convivial wéi méiglech ze maachen. Mat der Stad Lëtzebuerg zesumme si mer amgaangen ze kucke wéi mir d'Organisatioun virun der Gare Lëtzebuerg kënne maachen. Et ass natierlech e bësse méi komplizéiert wéi op der Gare Biekerech, Här President. D'Busgare zu Biekerech, Här President, ass e bësse méi einfach ze organiséiere wéi d'Gare Lëtzebuerg.

Mä ech warnen d'Chamber virun all deenen, déi op dës Tribün kommen a soen: Il n'y a qu'à.

(*Interruptions diverses*)

Ah jo, selbstverständlech! Här President, wann ech vun enger Verbesserung schwätzen, dann ass et haaptsächlech vun enger Verbesserung vun de Betribsfleef an der Gare selwer. Dir kënnt net en TGV, en Tram, e Fret, an nach e Passagéierzuch niewenteneen, iwwerteneen, matenee funktionéiere loosse. Mir brauchen do e Betribskonzept, an un deem si mir amgaangen ze schaffen, an ech kann dëser Chamber garantéieren, dass wann deem éischten TGV an d'Gare Lëtzebuerg eraleeft vu Paräis aus, dass dann dee Betribskonzept och steet.

(*Interruption*)

Här President, an der nächster Regierung kann dann den Oppositionsdeputéierten Zanussi den Transportminister Grethen beim Wuert huelen. Wann et 2007 net klappt, da muss ech natierlech meng Responsabilitéit iwwerhuelen, mä ech kann lech versécheren, den TGV wäert an der Stater Gare 2007 alafen; sollten d'franséisch Partner mat Zäit faerdeg sinn, wäert och op Lëtzebuurger Säit alles klappen.

Här President, den Här Zanussi huet mech och gefrot: Wéi ass et dann elo mat deenen eenzelne Verbindungen? Wéi klappt dat op der Streck? Muss net den TGV waarden an der Gare Beetebuerg, well e Fretzuch op der Linn ass?

Ech muss lech soen, Här President, och dat gehéiert zum Betribskonzept an och dofir wäerte mer suergen, dass den TGV Prioritéit huet par rapport zu aneren Zich.

Här President, ech gesinn, meng Riedezäit ass erschöpft. Et wär op

déi vill Froen, déi gestallt gi waren, nach ganz vill ze äntweren. Ech wëll lech just soen, dass ech alles gemaach hunn, Här President, zesumme mam Statsminister alles gemaach hunn, fir dofir ze suergen, dass och d'Linn Bréissel-Lëtzebuerg eng Prioritéit kritt. Wuel huet dee Groupe à haut niveau, deem ënnert der Presidentschaft vun dem Här Karel Van Miert, engem fréiere belsche Kommissär an och Minister, getagt huet, géint d'Stëmme vun de Verrieder vu Lëtzebuerg a Belgien d'Streck Lëtzebuerg-Bréissel net an d'Prioritéitelëscht gesat, obschonns se schonn am Rapport Kristoffersen dra war.

Ech kann lech soen, mir hate Kontakter souwuel mam franséischen Transportminister, dem Här Gilles de Robien, wou ech de leschte Mount war, wéi déi Réunion zu Neapel leschte Weekend, déi Der zitéiert hutt, wou ech och nach mat der Madame de Palacio, där zoustänneger Kommissärin geschwat hunn, déi mer verséichert huet, dass si alles wäert maachen, op alle Fall der Kommissioun wäert proposéieren, dass déi Streck Lëtzebuerg-Bréissel an d'Kommissiounspropositiounen era kënnt. An dann, wann dat ass a wann déi belsch Regierung d'accord ass fir Efforten do ze maachen, och finanziell Efforten, da muss ee sech iwerleeën ob Lëtzebuerg och een Intérêt huet, dorunner ze participéieren. Un eis soll et op alle Fall net scheitern.

Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien.

■ **M. le Président.** - D'Diskussion ass domadder ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vun den Artikelen a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 an 2 si gelies an ugeholl.

Mir stëmmen also elo iwwert dat virleidend Gesetz of.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen, oder si enthalen sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 57 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz (par M. Marco Schank), Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

M. Alex Bodry, Mmes Mady Delvaux-Stehres, Lydie Err (par M. Alex Bodry), MM. Ben Fayot (par M. Jeannot Krecké), Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer (par M. Marc Zanussi), Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. Robert Garcia).

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(*Assentiment*)

Et ass also esou decidéiert.

Da kéime mer elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5018 iwwert d'Verwaltung vum Enregistrement. Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Krecké, Graas a Jaerling. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Norbert Hauptert.

4. 5018 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 20 mars 1970 portant réorganisation de l'administration de l'Enregistrement et des Domaines

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

■ **M. Norbert Hauptert (CSV), rapporteur.** - Merci. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet iwwert d'Reorganisatioun vum Enregistrement verfolgegt véier Objektiv.

Den éischten ass dee vun der Kreatioun vun engem Service antifraude. Zënter der Ofschafung vun de Grenzen tëschent de Länner vun der Europäescher Unioun huet sech e System vun organisierter Steuerhannerzüung hei an Europa breet gemeet, deem de Memberstaaten héich Verloschter am Beräich vun den TVA-Recetten an d'Konkurrenzverzerrung um Niveau vun der Circulatioun vun de Capitaux mat sech bruecht huet. D'europäesch Kommissioun huet dorophon decidéiert, fir e gemeinsame System vun Austausch vun Informatiounen an der administrativer Kooperatioun tëschent de Verwaltungen vun deenen eenzelne Länner am Beräich vun der TVA ze organiséieren, an och virgeschloen, datt all Land e Service antifraude soll kreéieren an organiséieren.

Esou ee Service brauch Leit an deene verschiddene Spezialitéiten, an deene verschiddene Beräicher, wéi der internationaler Gesetzgebung, wéi der Gestion comptable a besonnesch am Beräich och vun der Informatik. An dofir gesäit de Projet och vir, an dat ass en zweeten Objektiv vum Projet, d'Aféierung vun der Carrière vum Informaticien diplômé an dem Expéditionnaire informaticien, an der Carrière moyenne an an der Carrière inférieure vun der Administratioun. D'lescht Joer hu mer hei e Gesetz gestëmmt, wou mer den Informatiker an der Carrière supérieure agefouert haten. Vu dass awer dee Service Informatiker op deenen drai Niveaue brauch, gesäit dese Projet also vir, fir déi Fonctiounen och an der Carrière moyenne an an der Carrière inférieure anzeféieren.

En drëtten Objektiv ass dee vun der Emännerung vun der Compositioun vun der Direktioun a besonnesch d'Ofschafe vun der Limite vun der Zuel vun de Fonctionnaires an der Carrière supérieure vun der Administratioun. Bis elo war et esou, dass d'Universitäre nëmmen an der Direktioun konnte beschäftegt ginn an dass d'Zuel vun den Universitäre an zéng limitéiert war. Dat huet der Verwaltung e Manktum u Flexibilitéit ginn, a besonnesch mengen ech mat der Schafung vun neie Servicere wéi dem Service antifraude brauch d'Verwaltung och Universitäre net nëmmen an der Direktioun, mä och an den eenzelne Servicere, esou dass den drëtten Objektiv vun dem Projet also deem ass, der Verwaltung méi Flexibilitéit ze verschafen.

E véierten a leschten Objektiv, an e wichtegen, ass dee vun der Erhéijung vun der Zuel vun de Posten hors cadre an der Carrière moyenne vu sechs op 15, an d'Schafe vun esou Posten hors cadre an der Carrière inférieure. Dir wësst, dass grad esou wéi an der Steierverwaltung den Avancement an der Verwaltung vum Enregistrement meeschtens iwwer e Changement de service geschitt. Ech mengen, dat

ass eng gutt Saach déi ee begréis-se muss, well besonnesch déi Leit dann net hiert Liewe laang am sel-wechte Service dra bleiwen, mä am Fong geholl duerch d'ganz Ver-waltung am Laf vun hirer Carrière zirkuléieren.

Dat huet awer en Nodeel beson-nesch bei spezielle Posten, bei Poste mat speziellen Attributiou-nen, wéi beim Collège des inspec-teurs, wéi dem Service antifraude, dee mer duerch dëst Gesetz kreéieren, dem Service de législa-tion, an dem Beräich vun den inter-nationale Relatiounen a beson-nesch am Service du contentieux. Do brauch ee Leit déi ageschafft sinn, déi déi néideg Erfahrung hunn. Dat si meeschtens d'Adjointé vun dem Chef vun deem Service, a wann de Chef also vum Service an d'Pensioun geet, da muss een eng Persoun mat Erfahrung hunn, déi dee kann ersetzen.

Fir also ze verhënneren, datt déi Adjointen, déi déi néideg Erfah-rung hunn, sech elo an en anere Service versetze loossen, wa se gären eng Promotioun hätten, ginn am Fong geholl déi Posten hors cadre kreéiert.

De Conseil d'Etat huet zu dësem Punkt eng Opposition formelle ge-meet, well déi néideg Informatioun-en, déi néideg Prezisiounen him gefeelt hu wat déi Posten ube-laangt, a besonnesch wat de Käschtepunkt vun dëser Mesure ubelaangt.

Mëttlerweilen huet d'Regierung awer Prezisiounen, wat déi Posten ubelaangt, a besonnesch och d'Fiche financière vun dëser Mesu-re era gereecht, esou dass d'Kom-missiou der Meenung ass, datt déi Poste mat Sécherheet nout-wendeg sinn, a si géing och de Statsrôt invitéiere fir seng Décisioun, wat déi Opposition formelle ubelaangt, ze rektifizéieren.

Ofschléissend wéilt ech mol nach besonnesch de Leit aus der Admin-istratioun villmools merci soen, a besonnesch dem Här Mathis Melli-na fir déi Prezisiounen, déi e mer ginn huet, fir dee Rapport hei kë-nen ze rédigiéieren. D'Kommissioun huet dee Rapport och mehrheetlech ugeholl a si propo-séiert der Chamber, den Text esou ze stëmmen wéi e virläit, an ech géing och heimat d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun bréngen.

Ech soen lech merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien.

■ **M. le Président.** - Als éischte Riedner ass den Här Jeannot Krecké agedroen. Den Här Krecké huet d'Wuert.

Discussion générale

■ **M. Jeannot Krecké (LSAP).** - Här President, Dir Dam-men an Dir Hären, ech kann den zoustännege Minister - ech weess net ob ech esou ka soen - beroue-gen, ech bréngen den Accord vu menger Fraktioun zu deem heite Projet de loi. Ech hunn awer deem een oder anere Regret, deem ech awer hei wéll ausdrécken.

Deen éischten ass deem, dass mer hei elo e Service schafe géint d'Fraudes um Niveau vun der TVA. Dogéint kënnt eis Fraktioun net sinn, vu dass se schonn itérative-ment dat do gefuerdert huet.

Ech wéll awer elo drop verweisen, dass mer 1997 och digaange sinn an eng besser Zesummenaarbecht gefrot hunn, fir ze kucken, ob een net déi zwou Administratioune soll fusionéieren, zumindest op der TVA an op den direkte Steieren. Ech hunn deemools probéiert duerzeleeën, dass ee mat enger gudder Kollaboratioun et kënnt fäerdeg bréngen, dass déi zwou Administratiounen a souguer déi vun der Douane, déi jo op den Accisé schafft, zu enger besserer Zesummenaarbecht kéinte kom-men.

Ech muss soen, ech erkennen déi Zesummenaarbecht nach net, déi

elo soll besser gi si säit 1997. An eng vun deene Méiglechkeeten, déi ech deemools an d'A gefaasst hat, war déi lech ze soen, et soll een, wann een net capabel ass eng besser Kollaboratioun ze kréien, dann effektiv d'Administra-tiounen zesummeschloen op deem Niveau, wou zumindest d'TVA spillt.

Ech hunn ee Moment gemengt d'lescht Joer beim Etat de la Nation, Gehéier fonnt ze hu beim Statsminister, deem a senger Dek-laratioun dat do och proposéiert huet a gesot huet. hie wier och mëttlerweil fir d'Zesummeleeng vun deenen Administratiounen, zu-mindest vun zwou. Ech hu Verständnis dofir, dass hien net higeet a vläicht eenzel Attributiou-ne vun dem Enregistrement ze-summeleet mat de Contributions directes, déi net direkt eppes do-mat ze dinn hunn.

Firwat kënnt een op de Gedanken dat doten ze maachen? Hei ginn et zäitweileg zwou a souguer dräi Ad-ministratiounen, déi um selwechte Chiffre d'affaires, op deenesel-wechte Frais généraux schaffen. Einzelner kucke mech hei komesch, missten awer wëssen, well se selwer heiansdo beträff sinn a well se TVA-pflichteg sinn, dass se op där enger Säit d'Frais généraux bei den direkte Steieren an op där ane-erer Säit och bei der TVA uginne, an et zu kenger Kollaboratioun vun deenen zwou Administratioune kënnt.

Et kann een deenen engen eppes verzielen an deenen aneren eppes anescht verzielen, dat ass haut parfaitement méiglech. Et kënnt och virkommen, an dat ass eng Konsequenz heivun, dass wann déi eenzel Administratiounen net d'accord si mat deem wat Der er-zielt, sief et mat Ärem Chiffre d'af-faires, dee schlussendlech éva-luéiert muss ginn, sief et mat der Besteuerungsbasis, déi schlus-sendlech erauskënnt, dass déi zwou Administratiounen, den Enre-gistrement an déi direkt Steieren, zu total verschiddene Chiffres d'af-faires a Besteuerungsbasis kommen.

Dat fannen ech net seriö! Net vu Säite vun der Administratioun, mä einfach vum Point de vue vun engem Stat, deem awer, mengen ech, vis-à-vis vum Contribuable misst weisen, dat hien eng gewë-se Linn a senger Démarche huet, déi awer net ze erkennen ass, wann zwou Administratiounen aus deemselwechte Ministère zu ver-schiddene Konklusioune kommen.

Ech stelle fest, dass dat d'Leit net schrecklech begeschtert, weder am Haus hei, nach dobaussen, mä dass dat awer nach wie vor e Makel ass, deem ech einfach net an där Form kann akzeptéieren. Et gëtt mer dann ëmmer erëm gesot: Jo mä d'Kollaboratioun um Niveau vun der TVA ass esou intensiv ginn, dass dat geféierlech kënnt ginn an esou weider. Or, et gëtt e ganze Koup Regeln, déi duerchaus évi-téieren, dass ee vu bausse kann Abléck kréien a Saachen, wou en net Abléck ze kréien huet. Dat ass parfaitement méiglech an ech ak-zeptéieren dat Argument net.

Ech muss och soen, ech hätt Verständnis dofir, dass een dee grouse Sprong do vläicht net di-rekt géing maachen. Ech hat pro-béiert ze soen: Kommt mir ginn op de Wee vun der Kollaboratioun. Dat ass net erfollegt. Mä de Mini-mum, deem ech mer dann erwaart hätt, dat ass um Niveau vun deene Spezialunitéiten, déi op der TVA, déi op den direkte Steieren, hei an dësem Fall dem Contrôle extérieur an - elo kommen ech net op deem aneren Numm - dem Service de ré-vision vun den direkte Steieren, dass een déi zumindest zesumme-geschloen hätt a Form vun enger Cellule interadministrative, fir dass déi zumindest op der Basis vun der grousser Fraude hätte kënnen ze-summeschaffen, well mir schwätzen hei vun der grousser Fraude, déi um Niveau vun der TVA a vun den direkte Steiere geschitt.

Firwat ass dat näischt ginn? Dat verstinn ech haut nach net. Et hätt ee sech kënnen virstellen, dass een esouguer an den Administratiou-nen als Iwwergank, fir dat Ganzt ze testen, och nach Servicer bestoe gelooss hätt, beispillsweis fir alles wat Demandes communautaires gewiescht wier. Dat heescht alles, wat mer vum Ausland gefrot gi wie-ren, hätt roueg iwwert dee Service kënnen transitéieren. De Service antifraude hätt an deem Moment aus engem Grupp vu Beamte be-stanen, déi aus deenen dräi Steier-administratioune komm wieren, an och aus der Douane, well déi schaffen och um Chiffre d'affaires an hunn och e spezielle Service an hätte kënnen dirigéiert ginn an engem Comité des communs aux trois administrations.

Där Modeller gëtt et. Dee Modell gëtt et esouguer hei zu Lëtze-burg. Dee Modell ass esouguer préconiséiert gi vum Chef vun der Administratioun vum Enregistre-ment. Dee Modell ass net ofgeleent gi sengerzäit esouguer vun deem vun den direkte Steieren. Ech stelle just fest: Feelst et eis u Volonté poli-tique fir dat ze maachen, oder wat ass de Problem?

Dofir, Här Minister, wann ech den Accord heizou bruecht hunn, da bleift mer iergendwéi ëmmer erëm dee schlechten Nogeschmaach, wéi wa mer op deem doten Niveau awer nu wierklech kee Meter wei-derkomm wieren. Ech hätt Verständnis dofir, wann een dee grouse Sprong net gewollt hätt, dass een dann d'Kollaboratioun verbessert hätt. Ech stelle fest, dass dat net de Fall ass. Ech hätt verstanen, wann een dee Service antifraude hei gekoppelt hätt a sengen Aktiounen mat deenen ane-ren zwee, an een sech eng Struktur ginn hätt fir méi effikass ze sinn. Ech stelle fest, dass keng vun deen-zwou Saache geschitt ass. Ech muss soen, dass ech do mäi Bedauern ausdrécken, dat awer näischt ze dinn huet mat deem Ac-cord, deem ech trotzdeem fir de Projet als solchen hei bréngen. Ech soen lech merci.

■ **M. le Président.** - Den nächs-te Riedner ass den Här Gusty Graas.

■ **M. Gusty Graas (DP).** - Här President, Dir Dammen, Dir Hären, et ass jo evident, datt zu engem ef-fiziente Stat och dat gutt Fonction-néiere vun eise Verwaltunge ge-héiert, an d'Verwaltunge kënnen och nëmme gutt fonctionnéieren, wann ee motivéiert Personal huet.

Regelméisseg gëtt sech jo och beklot, datt mer an eenzelne Ver-waltunge vläicht net genuch Perso-nal hunn, oder datt et un deem néi-degen Equipement géing feelen. Dat huet natierlech dee Moment och seng Auswirkungen op d'Qualitéit vun den Dëngschtleeschtungen, mä ech mengen, dat mannst wat een awer ka soen, dat ass, datt d'Regierung déi Pro-blematik erkannt huet an ëmmer erëm versicht do Adaptatioune vir-zehuelen. Ech wéll elo dat net hei erëm am Detail opléischen: dat konnte mer d'lescht Woch en détail bei der Interpellatioun iwwert d'Services publics maachen.

Duerch de Projet hei gëtt jiddefalls eng vun deenen dräi Fiskalverwal-tungen ouni Zweifel revaloriséiert. Et dierf ee jo net vergiessen, datt am Enregistrement op de leschten 31. Dezember ronn 306 Leit be-schäftegt waren. Am Joer 2002 wa-ren och 11 nei Poste geschafe ginn a mir wësse jo och, datt den Enre-gistrement eng Multitude vun Aar-bechten ze erledegen huet, virun allem natierlech d'Anzéie vun der TVA, an do goufen d'lescht Joer net manner wéi 1,4 Milliarden Euro agezunn. Mir hunn de Moment och bal 40.000 Assujettien. Dat bréngt also mat sech, datt déi Verwaltung

ëmmer weider muss deements-priechend ugepasst ginn.

Mä leider stellen ech awer fest, datt et ëmmer méi Leit gëtt, déi menge si bräichte keng TVA an och keng aner Taxen ze bezuelen. Natier-lech, och d'Fale vun de Grenzen huet mat sech bruecht, datt déi Situatioun sech u sech nach ver-schlëmmert huet. Et ass also evi-dent, datt da muss reagéiert ginn an dowéinst ass et och ze begréis-sen, datt dee Service antifraude elo agefouert gëtt, an datt och en Austausch vun Informatiounen um communautairé Plang méiglech gëtt.

Dat bedéngt natierlech dann awer och de Recrutement vun zousätz-leche Spezialisten. Mir wëssen, datt dat net ëmmer esou einfach ass, net ëmmer esou evident ass. Ech wéll awer op dëser Plaz och nach eng Kéier drun erënneren, datt mer jo awer elo kierzlech en neie Beamtestatut gestëmmt hunn, deem et méiglech mécht, gegebene-falls awer och Leit aus dem Pri-vatsecteur ze recrutéieren, wann eng Décision vum Conseil de Gouvernement do ass, fir wéi gesot spezifesch Posten do mat Leit ze besetzen.

Ech wéll awer op dëser Plaz och drun erënneren, datt mer déi Re-marken, déi am Avis vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics gemaach goufen, och sollen eescht huelen, virun allem wéi gesot wat d'Kollabora-tioun tëschen deene Leit, déi an deem Service sinn, mat den Expä-ren aus der Kriminalitéit ubelaangt. Da wéll ech awer och nach hei ën-nersträichen, fir datt dee Service herno awer voll funktionsfäeg ass, datt mer deene Leit och mussen déi beschtméiglech Equipementer zur Verfügung stellen.

Op där anerer Säit ass awer och positiv hei ze ënnersträichen, datt elo an der Carrière moyenne d'Uni-téiten, déi hors cadre sinn, vu 6 op 15 eropgesat ginn, an datt jo och an der Expéditionnairescarrière dräi Posten hors cadre geschafe ginn. Domadder évitéiere mer, an de Rapporteur Norbert Hauptert huet dat jo richtegerweis hei be-mierkt, datt ebe Leit sech vläicht mussen an en anere Service ver-setze loossen, fir kënnen ze avan-céieren. Mir évitéieren also domat, datt dee Moment de Service Pro-blemer kritt, well capabel, kompe-tent Leit, just well se eben net kë-nen avancéieren, eng aner Plaz mussen un huelen. Dat dréit also ouni Zweifel zu enger besserer Effi-zienz vun där Verwaltung bäi.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn eis och alleguerten eens, datt mer verstärkt mussen eis Verwaltungen um informa-tesche Plang équipeieren, an dat gëllt mat Sécherheet virun allem fir den Enregistrement. Dofir ass et jo och elo ze begrëissen, datt d'Car-rière vun diploméierten Informati-ker an och vum Informatiker an der Expéditionnairescarrière geschafe gëtt.

Ech wéll an dësem Kontext nach eng Kéier zrëckkommen op de Pro-jet de loi 5122, dee mer och elo kierzlech gestëmmt hunn, wou et jo och elo ewell méiglech ass, datt Betriber hir TVA-Deklaratioun iwwert de PC kënnen online eraginn, wat u sech och fir d'Betriber vill Er-lichterung mat sech bréngt, wat op där anerer Säit natierlech awer och eng Rei vun Adaptatioune fir d'Ver-waltung mat sech bréngt.

E weidert Beispill vu konkrete Me-suren, fir de Stat ebe méi effizient ze gestalten, a virun allem d'Ver-waltung, ass jo, datt d'maximal Zuel vun de Beamten an der ieweschter Carrière och elo ge-strach gëtt. Dat bréngt ouni Zweifel zousätzlech Flexibilitéit mat sech.

D'DP kann also dës geplangte Me-suren nëmme ënnerstëtzen an ech wéll domat den Accord vu menger Fraktioun bréngen, net ouni awer dem Kolleg Norbert Hau-pert nach merci ze soe fir seng zwee Berichte. Merci.

■ **M. le Président.** - Als lesch-ten Diskussionsriedner ass den Här Robert Mehlen agedroen. Den Här Mehlen huet d'Wuert.

■ **M. Robert Mehlen (ADR).** - Här President, de Rapporteur huet eis hei am Detail erkläert ëm wat et geet, an och meng Virriedner hunn déi Froen, déi sech an deem Zesummenhank stellen, bal erschöpfend hei ausernee geluecht.

Ech wéll dofir direkt am Ufank vu menger ganz kuerzer Interventioun hei soen, datt eis Fraktioun natier-lech de Projet stëmme wäert. Jidd-fereen hei am Land muss domat d'accord sinn, wann e Service anti-fraude opgebaut gëtt, wann en déi Moyene kritt, déi e brauch fir kë-nen effikass ze schaffen. Mir wë-sen, datt mer, wat d'finanziell Situa-tioun vum Stat ubelaangt, mat aller-gréisster Wahrscheinlechkeet net deene beschten Zäiten entgéint ginn. Mir wëssen och, datt d'TVA e groussen Deel vun de Recetten am Stat duerstellt an dofir hu mer alle-guer en Intérêt drun, datt do esou mann wéi méiglech verluer geet.

Dat huet och selbstverständlech en Aspekt vu SteiERGerechtkeet. Mir wëssen, datt d'TVA am Prinzip vum Consommateur bezuelt gëtt. De kleng Consommateur ka sech där Verpflichtung net entzéien, well hie kritt dat direkt op senger Wuer, op senger Dëngschtleeschting ver-rechent. Hie bezillt se. Leider mus-se mer feststellen, datt et vill ze vill dacks virkënnt, datt Entreprises, déi eigentlech den Intermédiaire duerstelle fir de Stat - si si jo den Encaisseur fir de Stat -, duerch Praktiken, déi net kauscher sinn, sech där Verpflichtung ganz oder deelweis entzéien. Dofir ass et be-grëssenswäert, wann den Enregis-trement d'Méiglechkeet kritt fir deem verstärkt entgéint ze wier-ken.

Mir hoffen, datt eng Partie louché Firmen, déi et fäerdeg bréngen duerch organiséiert Failliten eier si iwwerhaupt och nëmme en Ufank vun där TVA ofgefouert hunn, déi se verpflicht sinn ofzeféieren, sech ëmmer erëm deem entzéien, datt et och geléngt duerch Erfaassung vun den Donnéeën, och duerch in-formatiséiert Echanen, esou Prak-tiken ëmmer méi ofgestallt ze kréien.

Ech wéll hei soen, datt ech deem, wat de Kolleg Jeannot Krecké hei gesot huet, voll a ganz zoustëm-men. Et ass an der heiteger Zäit vun der informatescher Interkon-nexioun eigentlech en Non-sens, datt bei verschiddene Verwaltun-gen, déi eigentlech am selwechten Domän schaffen, wéi dat bei der Steierverwaltung a beim Enregis-trement de Fall ass, zweegleiseg gefuer gëtt, datt do iwwerhaapt keng Kollaboratioun oder prak-tesch keng Kollaboratioun besteet. Wa mer hei vun engem Service pu-blic schwätzen, deem effikass soll sinn, dann ass dat hei jiddefalls ee vun de Paradebeispiller, wou een et besser ka maachen a wou et och onbedéngt misst besser gemaach ginn. Ech hoffen, datt den Här Minister dee Message do ophëlt an och mat virun an d'Regierung hëlt.

Dat hei ass ee Schrëtt ënner ane-ren, déi mussen an där Richtung ënnerholl ginn. Dofir, wéi gesot, si mir d'accord, fir dat Gesetz hei ze stëmmen. Mir sinn d'accord, fir mat op dee Wee do ze goen. Mir hoffen awer, wéi gesot, datt d'Regierung an Zukunft e bësselche méi Konse-quenz an där Richtung weist. Do-madder bréngen ech nach eng Kéier den Accord vu menger Frak-tioun.

■ **M. le Président.** - D'Wuert huet elo den Här Budgetsminister Luc Frieden.

■ **M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.** - Eng breet Zoustëmmung wéllt d'Regierung net duerchernee maachen. Ech wéll just am Numm vun der Regie-rung merci soe fir de Rapport vum honorablen Här Hauptert a fir

d'Contributivione vun deenen anere Kolleegen.

Ech mengen, dass an dësem Gesetz besonnesch ee Punkt vu Wichtegkeet ass, dat ass d'Schafe vun deem Service antifraude aus europäesche Grënn, mä och aus nationale Grënn. Et schéngt mer scho wichteg ze sinn, wann ee gesäit wéi ee mat dëser TVA-Steier, wat eng wichteg national, mä och europäesch Steuer ass, sech och muss déi Instrumenter ginn, datt een eng ëmmer méi sophistikéiert Kriminalitéit, déi schlussendlech d'Fraude an deem dote Beräich ass, kann effikass, souwuel um administrative wéi och um judiciaire Plang, bekämpfen. A wann ech dat soen, dann denken ech natierlech och u meng Fonctiounen als Justizminister.

Mir hunn dat gesot wéi mer d'Police judiciaire reorganiséiert hunn, dass et do wichteg ass, datt mer an der Wirtschaftskriminalitéit virukommen, a fir datt dat do ka fonctionnéiere brauch een natierlech och am Virfeld Verwaltungen, déi mat deem adequate Personal kënnen déi bestrofen, déi op Käschte vun der Kollektivitéit sech mat de Sue vun der Kollektivitéit beräicheren. Dofir mengen ech ass dat hei e wichtegt Element fir dëser Finanzverwaltung méi Effikassitéit ze ginn. An deem Sënn géing ech merci soe fir d'Zoustëmmung, déi hei am Parlament op dëse Projet de loi kënnt.

M. le Président.- D'Diskussion ass elo ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 5018 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 4 si gelies an ugeholl.

Mir stëmmen also elo of iwwert dat virlelend Gesetz.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder enthalte sech.

De virleiende Gesetzesprojet ass eestëmmeg ugeholl mat 55 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui : Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz (par M. Jean-Marie Halsdorf), Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par Mme Nancy Arendt);

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

M. Jean Asselborn (par M. Marc Zanussi), Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Mars Di Bartolomeo (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Jos Scheuer (par M. Jeannot Krecké), Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen (par M. Fernand Greisen), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. Robert Garcia).

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer elo zur Diskussion vum Projet de loi 5022, engem Steierofkommens tëschent Lëtzebuerg an Trinidad. Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Krecké, Rippinger a Jaerling. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Norbert Hauptert.

5. 5022 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République de Trinité et Tobago tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune et à encourager le commerce international et l'investissement, signée à Luxembourg, le 7 mai 2001

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Norbert Hauptert (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Duebelbesteuerungsofkommes huet als Objektiv, éischstens d'Persounen an d'Entreprise vun deenen zwee Länner, tëschent deenen deen Accord getraff gëtt, géint eng iwwerdriwwe Besteuerung ze schützen, a fir de Floss vun de kommerzielle Relatiounen an den internationalen Investissementer ze beschleunegen. Op där anerer Säit huet et awer och als Objektiv fir den Echange vun Informatiounen am Fall vun enger Steuerhannerzéiung tëschent deenen zwee Länner ze organisieren.

Déi Konventioun mat der Republik Trinidad an Tobago ass déi 45., déi mer hei an der Chamber bis elo gestëmmt hunn. 14 dov u si mat deenen anere Länner aus der Europäescher Unioun, 12 mat aneren europäesche Länner, 4 mat amerikanesche Länner, 7 mat asiatesche Länner an nach 4 Konventiounen mat de Länner aus der fréierer Sowjetunioun.

D'Republique de Trinité et de Tobago besteet aus zwou Inseln, déi an der Karibik leien. Et ass also déi éischt Konventioun, déi mer mat engem Stat aus der Karibik maachen. Déi zwou Insele liewe besonnesch vum Tourismus an Trinidad och nach deelweis vum Pétrol.

D'Fro, déi sech also hei gestallt huet, ass déi: Firwat just mat deenen zwou exoteschen Inseln an net mat anere Länner, wéi Australien, Chile, Argentinien oder Indien, mat deene mer vill méi intensiv Relatiounen hunn. Et gëtt dräi Kritäre firwat dass d'Verwaltung an d'Regierung Konventiounen mat Länner ofschléissen. Den éischte Kritär ass dee vun dem wirtschaftlechen Intérêt vun deenen zwee Länner. D'Demande kënnt also vun deenen zwee Länner an déi meescht Konventiounen ginn no deem Kritär ofgeschloss.

En zweete Kritär ass dee vu Lëtzebuerg fir ze versiche fir flächendeckend Konventiounen mat deene meeschte Länner ze hunn, fir esou seng international wirtschaftlech Relatiounen nach ze favorisieren.

An en drëtte Kritär ass dee vun der Héiflechkeet fir der Demande vun engem anere Land entgéint ze kommen, an dat war an dësem Fall de Fall. Dat heescht, déi Republik ass u Lëtzebuerg erugetrueden, a well et sech ëm zwou Inseln handelt, déi net zu deene vum Steierparadies zielen, huet Lëtzebuerg aus Héiflechkeet mat deem Land déi Konventioun ofgeschloss.

Dëst Duebelbesteuerungsofkommes leent sech ganz enk un dee Modell vun der OCDE un, wat besonnesch d'Lëtzebuurger Säit

ubelaangt, dat heescht mat de Spezificitéiten, déi mer kennen, op där enger Säit d'Ausklamere vun de Lëtzebuurger Holding-Gesellschaften an op där anerer Säit d'Besteuerung vun de Pensiounen, déi vu Lëtzebuerg bezuelt ginn hei zu Lëtzebuerg, wat am OCDE-Modell net de Fall ass.

Op där anerer Säit leent déi Konventioun sech awer och un de Modell vun de Vereenten Natiounen un, mat enger méi staarker Besteuerung an deem Land wou de Revenu erwirtschaft gëtt, dat besonnesch am Intérêt vun deene Länner, déi an der Entwécklungsphas sinn, wou also iwwert deen dote Wee méi Steuerrecetten erakommen.

Déi wesentlech Ofwäichungen zu deenen anere Konventiounen leien also doran, datt an dëser Konventioun méi eng staark Besteuerung vun den Etablissements stables erugezu gëtt, méi eng staark Besteuerung besonnesch vun deene Revenuen, déi an deenen eenzelne Länner erwirtschaft ginn. Ech erspueren lech den Detail vun där Konventioun; dat fannt Der an dem Exposé des motifs.

Ech wëllt dann ofschléissen andeem datt ech, esou wéi d'Kommissioun et virgeschloen huet, déi de Rapport eenheetlech ugeholl huet, d'Chamber bidden deen Text hei esou ze stëmme wéi e virläit, an ech bréngen domadder den Accord vun eiser Fraktioun.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Jeannot Krecké.

Discussion générale

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Här President, ech bréngen den Accord vu menger Fraktioun zu deem indispensablem Duebelbesteuerungsofkommes mat Trinidad an Tobago. Dat ass mer esou erkläert ginn. Ech hunn et zwar net verstanen, mä ech bréngen mäin Accord dozou.

M. le Président.- Elo ass et um Här Jean-Paul Rippinger.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Jo, Här President, mir geet et net besser wéi dem Här Krecké. Ech bréngen och den Accord vun eiser Fraktioun. Eigentlech dierften deen Accord nëmmen déi stëmmen, déi och wësse wéi d'Haaptstad vun der Republik Trinidad an Tobago ass.

M. le Président.- Den Här Aly Jaerling huet d'Wuert.

M. Aly Jaerling (ADR).- Här President, ech wëll dem Rapporteur merci soe fir seng wierklech explizit Duerleeung vun där Konventioun do. Fir mech war dat awer glaskloer. Ech weess net wéi een do konnt nach iergendwéi eppes net verstoen. An dofir hunn ech och kee Problem domat fir den Accord vun eiser Fraktioun ze ginn.

M. le Président.- Ech kënnt mer virstellen, datt d'Regierung och kee Problem huet fir domat d'accord ze sinn an dofir komme mer direkt zur Lecture vum Article unique a stëmmen doriwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen elo of iwwert de virleende Gesetzesprojet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalte sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 55 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz (par M. Nico Loes), Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par Mme Nancy Arendt);

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Xavier Bettel), John Schummer et Théo Stendebach;

M. Jean Asselborn (par M. Marc Zanussi), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Georges Wohlfart), Mme Lydie Err, MM. Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. Robert Garcia).

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen dann zur Diskussion vum Projet de loi 5043 iwwert d'Kapitalerhéijung vun der Banque Européenne d'Investissement.

Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Krecké, Graas a Jaerling. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Lucien Clement.

6. 5043 - Projet de loi relatif à l'augmentation du capital de la Banque Européenne d'Investissement

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Lucien Clement (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'europäesch Investitiounsbank, kuerz BEI genannt, spillt sécherlech am europapolitischem Gefüge eng séier wichteg Roll, déi och an de kommende Joren nach ausgeweit dierft ginn. Fir den Zilsetzungen awer vun der Europäescher Unioun a puncto Invest gerecht ze ginn, ass d'Interventioun vun der BEI noutwendeg:

1. fir déi europäesch Integratioun weider ze driewen an

2. fir den ekonomeschen an och de sozialen Zesummenhalt ze garantieren.

Bei der Realisatioun vu Projeten an deene 15 Memberstate vun der EU, esou wéi an den neie Memberlänner, déi 2004 der EU bäitriede wäerten, ass d'BEI e ganz wichtegt Finanzinstrument. Et sinn deemno virun allem d'EU-Erweiterung an d'Investitiounen am Beräich vun deenen neien Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologien, déi d'BEI viru grouss finanziell Erausforderunge stellen.

An dësem Kontext ass et noutwendeg ginn, fir d'Kapital vun der BEI opzestocken an dat duerch dräi Moossnamen, déi de 4. Juni 2002 an der alljärelecher Sëtzung vum Conseil des Gouverneurs vun der BEI eestëmmeg festgehalten an décidéiert goufen.

Objet vun dësem Projet ass et dann och fir d'Regierung ze autorisieren un dëser Augmentation de capital ze participieren.

Éischstens gëtt mat Wierkung op den 1. Januar 2003 de Capital souscrit vun de Memberlänner, déi Aktionär bei der BEI sinn, ëm 50% erhéicht an dat au prorata vun hirer jeeweileger Participatioun. De Capital souscrit gëtt domadder vun 100.000 Milliounen op 150.000 Milliounen eropgesat.

Zweetens gëtt de Prozentsaz vum Capital souscrit, dee järelech vun de Memberlänner iwwerwise muss ginn, vu 6 op 5% erofgesat.

An drëttens gëtt de Financement vun dëser Kapitalerhéijung zu 100% duerch verfügbar Reserve vun der Bank selwer ofgedeckt.

D'Kombinatioun, Här President, vun dësen dräi Moossnamen huet als Konsequenz, datt d'Reserve vun der BEI an der Héicht vun 1.500 Milliounen Euro als Capital versé konvertéiert ginn an dem Capital vun der BEI zoukomme gelooss ginn. De Capital versé gëtt deemno vu 6.000 Milliounen op 7.500 Milliounen réckwierkend op den 1. Januar 2003 erhéicht, dat heescht, dat si 5% vum gesamte Capital souscrit.

Fir Lëtzebuerg bedeit dat, datt d'Participatioun um Capital souscrit vun 124.670.000 Euro op 187.015.500 Euro eropgesat gëtt, wat engem Taux de participation vun 0,1247% entsprécht.

Här President, de Projet de loi 5043 ass den 20. Oktober 2002 vum Finanzminister an der Chamber deponéiert ginn. De Statsrot, deen iwwregens keng Objektioun zu dësem Projet hat, huet den 10. Dezember 2002 säin Avis ofginn. An der Sëtzung vun der Finanzkommissioun, den 3. Juli 2003, ass de Rapporteur désignéiert ginn. Den Text vum Projet an den Avis vum Statsrot sinn an däerselwechter Sëtzung analyséiert ginn. Gläichzäiteg ass och de Rapport vun der Finanzkommissioun zu dësem Projet guttgeheescht ginn.

Ze bemierke bleift nach, dass am Exposé des motifs vum Gesetz sech en Tippfeeler geschlach huet. Et steet do, „soit 6% du nouveau capital souscrit“ an et muss sinn, „soit 5% du nouveau capital souscrit“.

Dat gesot, Här President, wëll ech nach den Accord vun der CSV zu dësem Projet ginn an ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Gusty Graas.

Discussion générale

M. Gusty Graas (DP).- Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'éischt dem Rapporteur, dem Kolleeg Lucien Clement, merci soe fir säin detailléierte Bericht a selbstverständlech bréngen ech och den Accord vu menger Fraktioun.

M. le Président.- Den Här Aly Jaerling huet d'Wuert.

M. Aly Jaerling (ADR).- Här President, ech wëll och dem Rapporteur merci soen a vu dass dat hei grad esou kloer war wéi dat virun, hunn ech och kee Problem fir mäin Accord dozou ze ginn.

M. le Président.- Domadder wier d'Diskussion ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vum Article unique a stëmmen doriwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir stëmmen also of iwwert de Projet de loi 5043.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel